NATIONAL - CHAOS COMPUTER CLUB

# Bedenken, wat den elektronesche Patientendossier ugeet

RTL | Update: 04.06.2020 18:41 | 24 Commentaire(n)

**Et géifen nach vill oppe Froe ginn, heescht et am Pressecommuniqué. Virum allem, wat d'Fro ugeet, wou déi ganz Donnéeën iwwerhaapt gespäichert ginn.**

"Mir gesinn et als positive Punkt un, dass den assuréierte Bierger d'Méiglechkeet huet, dësen Dossier ob fräiwëlleger Basis nees zouzemaachen, mä do stelle sech nach Froen."

Dat schreift de Chaos Computer Club an engem Communiqué, iwwert den elektronesche Patientendossier, dee jo all Resident, deen hei assuréiert ass, soll kréien.

Esou eng Datebank wier ufälleg fir Mëssbrauch, an eng Gefor fir d'Privatsphär, wa bis Onéierlecher un déi Donnéeë géife kommen.

Et géif och bis ewell vu Regierungssäit keng offiziell Erklärunge ginn, wou a wéi déi Daten iwwerhaapt technesch geséchert sinn. Vun engem Gesondheetssafe wier rieds, ouni Detailer. E Sécherheetsaudit wier op alle Fall néirens ëffentlech ze fannen.